**Fédération des Victimes**
**du Nazisme Enrôlées de Force** a.s.b.l.

REPRÉSENTANT: L'ASSOCIATION DES PARENTS DES DÉPORTÉS MILITAIRES LUXEMBOURGEOIS
LA LIGUE LUXEMBOURGEOISE DES MUTILÉS ET INVALIDES DE GUERRE 1940-45 - L'AMICALE
DES ANCIENS DE TAMBOW - L'ASSOCIATION DES ENROLÉS DE FORCE VICTIMES DU NAZISME

Organe officiel:
**„Les Sacrifiés"**
Bulletin mensuel

Boîte postale No 2415
**LUXEMBOURG-GARE**

Compte chèque postal No 31329-95

Luxembourg, le 21.07.1983
9, rue du Fort Elisabeth

CIRCULAIRE UN EIS SECTIOUNEN EDF

Den Iwerfall vun den Nazien op eist Land, d'Besatzungszäit mat de Folgen vun Resistenz, Streik an Zwangsrekrutéierung vun onse Jongen an eise Meedercher as an d'Zeitgeschicht agaangen.

An der spéiderer Nokrichszäit as de Sacrifice vun der zwangsrekrutéierter Jugend net ëmmer richteg interpréteiert gin, an t'Organisatioun vun den Enrôlés de force hat en homeresche Kampf ze bestoen, fir datt mër als victimes du nazisme an als Patrioten duerch de Législateur unerkannt gouwen.

Déi zwät Nokrichsgeneratioun as elo am Eruwuessen an ët as immens wichteg, datt dës jong Leid déi geschichtlech Wuerecht vun eisem Affergank erfueren a richteg appréciéieren.

Den Zentralkomité vun den Enrôlés de force as beméit all Geschichtsklitterung, déi d'Eier vun eise gefaalenen a vermësste Komeroden, wéi och d'Eier vun eis Iwerliewenden besuddelt, énergesch entgéint ze trieden. Dest geschidd an eise Réuniounen, an eise Publicatiounen, an der Chamber duerch eis Vertrieder Jos Weirich a Gremling Jang an et as geplangt e Buch iwert eis Problemer an Tribulatiounen an der Nokrichszäit erauszegin.

An dëser Perspektiv ziële mër a si mër ugewisen op d'Mathëllef vun eise Sectiounen an all änzelne Member Edf.

Wann ee vun eis a Pensioun gät, da gët dax am Beglädtext zur Photo vun der Abschiedsfeier vermierkt, datt de Komerod X zwangsrekrutéiert am RAD a Wehrmacht gelidden huet.

Leider geschidd ët ower och beim Reportage iwert Treffen vun enrôlés de force an enger bestëmmter RAD-Abteilung oder engem bestëmmten Wehrmachtsdäl, dat dee jongen, onerfuerenen, bestëmmt bescht gesennte Reporter ongeféier esou schreiwt: "Ehemalige der Gebirgsartillerie trafen sich" ouni iwert d'Zwangsrekrutéierung an op eisen Haass op d'Nazien e Pippcheswuert faalen ze loossen. Et as dofir dréngend ugeroden bei sou Geléigenhäten dee betreffende Reporter op dee verhaassten Enrôlement de force hinzeweisen an him opzeerléen, säi Bericht an dësem Senn ze rédigéieren.

Aanerefall kommen d'Enrôlés de force, hire Patriotismus an eisen Nokrichsmatch bei spéideren Zeitungsrecherchen an e schieft Licht.

Merci am viraus fir d'Opklärung un eis Memberen a fir är Matarbecht der geschichtlecher Wuerecht eng Chance ze gin.

fir den Zentral-Comité Edf

Jos. Weirich
Preesident